ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 2. Dezember 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister, d'Madamm Ëmweltminister an den Här Energieminister weiderzeleeden.

Sou wéi et am Artikel "*Klimagerechtigkeit*" deen den 29. November am Lëtzebuerger Wort publizéiert gouf, heescht, gëtt am EU-Memberstaat Irland iwwert en individuellen CO-2 Budget fir all Bierger nogeduecht. Sou wéi och verschidden ekonomesch Secteuren sech iwwert e gewëssenen CO-2 Ausstouss raus mussen Emissiounsrechter kafen, géif dat dann och fir all Eenzelne gëllen.

An deem Zesummenhang géife mir der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Kennt d'Regierung esou Iwwerleeungen a, wa jo, wéi steet si zu esou Iddien?
2) Wéi beurteelt d'Regierung d'Gefor, datt sou eng Politik zu enger allëmfaassender Reguléierung an Iwwerwaachung vun de Bierger duerch d'Politik kéint féieren?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

Fred Keup
Deputéierten